uerg a vu Péng hun ech mech gekrëmmt. Ech luch um Buedem an déi zwéi Preise stunge viru mär. „Das ist bestimmt ein Partisan von der weissen Armé, den müssen wir lebend zur Kommandatur bringen". Deen een hat sech ëmgedréit, fir no eppes ze sichen a si hun allen zwéin hiirt Gewier iwwer d'Schëller gezun ... dat wor déi lescht Dommheet, déi si an hirem Liewe gemaach hun ... An engem Brochdeel vu Sekonnen sin dem Partisan Marcel d'Biller vu sénge Komeroden, vu séngen Elteren a vu séngem Eed, deen hie geschwuer hat, duerch de Kapp gang ...

Wéi d'Preisen sech bécke wollten fir mech opzehiewen, hun ech mech op d'Säit gerullt a mat der Hand de Revolver gezun ... Et wor alles esou séier gaang ..., ob ech véier oder fënnef mol geschoss hu wees ech nët méi. Déi zwéi Feldgendaarme lugen um Buedem an hu sech nët méi geréiert.

Ganz opgereegt erzielt hie weider ewéi wann dat alles eréischt gëschter geschitt wär ...

Ech si bis un de Bor vum Bësch „gehippelt" an hu gesi wéi e puer Camioë voll Preisen ukomm si fir de Bësch ze ëmzéngelen. Ech hun also onbedéngt mussen aus dem Bësch eraus. A ménger Opregung hat ech d'Bréifer vergiess, déi ech bei mär hat ... Et huet musse ganz séier goen. Mat dem Briquet hun ech d'Bréiwer verbrannt an d'Äsche mat de Féiss zertrëppelt bis näischt méi do wor dervun. Elo gung et séier. Viru mär luch e Feld, wou d'Fruucht op Kéip stung. E gënstege Moment, ech hun op d'Zänn gebass a scho sutz ech an engem Koup Fruucht.

D'Preisen hun am Duerf all Haiser durchsicht a mat de Bajonetten an d'Heekéip gestach. Si hun an d'Hecken an duerch d'Getraisch geschoss, d'Leit ugehal an ausgefuerscht, gejaut a geroost ... Mäi Been huet mär wéi gedoen, wëll ech op den Huppe sutz. Ech hu gespuert wéi d'Blutt aus der Säit mär an de Kalzong erofgelaf as an ech hu versicht mat méngem Nuesschnappech d'Wonn zouzehalen.

D'Preisen hun un alles geduecht awer nët un d'Fruchtkéip um fräie Feld. Glécklecherweis haten si keng Honn bei sech, wëll déi hätte séier méng Spuer fond. Zwou Kugele woren nach a ménger Pistoul. Déi wore fir mech reservéiert, wëll ech hat mär geschwur, datt si mech ni lieweg génge kréien ...

Ech hun eppes mussen ënnerhuelen, éier d'Preisen hir zwéi Kumpanen am Bësch génge fannen. Esou vill wéi ech konnt gesinn, haten si elo hir „Suchaktion" méi op deen anere Bësch konzentréiert, wat méi Gléck wor.

Géint den Owend wor et a ménger „Ëmgéigend" méi roueg gin an d'Leit si ganz ängschtlech aus hiren Haiser kom, fir hir Béischte vun der Weed ze huelen. Dat wor fir mech de gënschtegste Moment. Ech sin aus ménger Stopp erausgekroch, awer d'Been an d'Féiss hu mär nët gläich gefollegt, wëll alles mär entschlof wor. E Knëppel, deen ech ënnerwee fond hun, wor méng Stäip ... Wéi ech laanscht en Uebstbommert kom si gesinn ech op der Kräizung zwéin dätsch Zaldoten, déi do als Posten zréck bliwwe woren. Ech hu mech ganz natiirlech an ongenéiert beholl. Vun engem Bam hun ech en Aascht erofgezun, en Apel gepléckt an dragebass. D'Preisen hu mech wiirklech fir e Kniecht gehal, deen d'Véi op d'Weed sollt siche goen. Ech hu mech iwwer mech selwer gewonnert, wé ech an esou engem geféierleche Moment méng Rou behalen hun ... awer ech hat et gepackt ...

D'Däischtert huet mär gehollef ; ech hun d'Kilometeren nët gezielt ..., méng Wonnen hu mär wéi gedoen a méi wéi emol hun ech eng kleng Rascht musse maachen. Op engem Ëmwee sin ech owes géint 11 Auer zu Villancourt ukom,

wou ech un d'Fënsterluede vun engem „Agent de liaison" geklappt hun. Si hu mäin Zeechen erkannt a gläich opgemaach. Et wor héich Zäit, wëll ech wor um Enn. Ech hun éischt Hëllef kritt an e Cognac huet mäi Gäächt e wéineg opgefrëscht.

De Mann vum Haus huet nach an der selwechter Nuecht mäi Capitaine informéiert. Deen aneren Dag sin ech ofgeholl gin an owes zu Arel beim „Hirsch" huet en Dokter op mech gewaart, dee mech mat op Chenois (bei Virton) geholl huet, wou ech ënnersicht a behandelt si gin. Méng Wonne woren nët liewesgeféierlech, awer ech hat vill Blutt verluer. Eng Kugel wor zwëschen dem rechten Aarm an der Säit erduerch gaang ... et wor wéi e seet, e Sträifschoss. Am Bee wor déi preisesch Kugel an der Wued duerchgeschloen an hat glécklecherweis keng Oder getraff ...

D'Freed, datt d'Amerikaner ëmmer méi no kom sin, huet gehollef méng Moral ze stäerken a méng Wonne si méi séier geheelt ...

Traureg wor ech wéi ech gewuer si gi wéi d'Preisen déi lescht Deg „gehaust" hun, éier si sech zréckgezun hun. Ganz Gruppe vu ménge Komeroden aus dem Maquis sin duerch feige Verrot an eng Fal gelackelt a kalbliddeg erschoss gin.

D'Leit hun déi ermuert Fräiheetskämpfer, wou och russesch Krichsgefaangener derbäi woren, aus de Bëscher geholl a si an der Kiirch vum Duerf opgeboort.



*Partisane vum Mouvement National Belge (MNB), déi d'Leit an der Kiirch opgeboort haten*

## D'Amerikaner sin endlech do

Den 12. September sin d'Amerikaner zu Arel ukom. Mäii Capitaine huet et fäerdeg bruecht, datt d'Amerikaner mech mat engem gepanzerte Kettenauto heem op Biekerech gefouert huet. Méng Mamm a mäi Papp wore schon erëm doheem an haten alles esou wäit opgeraumt, wéi ech aus dem Panzerwon geklomme sin. Mäi Papp huet e Liter Quetsch zum Beschten gin, deen hien extra fir d'Liberatioun verstoppt hat. Mär sin eis vu Freed ëm den Hals gefall an hu bis spéit an d'Nuecht era gefeiert.

No e puer Deg sin ech erëm op Arel gefuer, fir méng Papeieren ofzehuelen. Ech si vu méngem Eed entbonne gin a mär stunge nach eng Kéier virun eisem Capitaine stramm. Wéi beim Appel d'Nimm vun eise Komeroden opgeruff si gin, déi fir d'Fräiheet hiirt d'Liewe gin haten an d'Chance nët méi haten d'Liberatioun ze erliewen, sin d'Tréinen eis d'Baken erof gelaf.

Nach eng lescht Kéier sin ech mat méngem Numm als Partisan opgeruff gin, éier ech erëm de Marcel Reuter vu Biekerech si gin . . .

. . . Auguste LESGARDEUR

Soldat de l'Armée Belge des Partisans, Vous avez combattu pour la Paix et la Liberté et vous avez bien mérité de votre patrie, je suis fier de vous . . .

De 17. September krut de Marcel Reuter vum Ministère de la Défense Nationale du Royaume de Belgique, d'Médaille de la Résistance an d'Médaille Commémorative avec 2 sabres croisés, de la guerre 1940-1945 . . .

## Fir Fraiheet a Gerechtegkeet

Dës puer Wieder an enger eenzeger Zeil treffe ganz genau op de Marcel zou. Fënnef laang Joëren, déi an engem jonge Liewen duebel oder esouguer dräifach zielen hun de Marcel nët verännert. Hien huet mat sénge Leeschtongen nët opgetrompt an as bescheiden am Hannergrond bliwen. Hien wor einfach iwwerzeegt, nëmmen dat gemaach ze hun, wat hie sénger Hemecht als Patriot schëlleg wor . . .

Wéi am Dezember d'Preisen op en Neis den Norde vun eisem Land iwwerrannt hun, wor de Marcel zu Uewerpallen an der „Hilfsgendarmerie". Hie wor bereet eng zwete Kéier fir Fräiheet a Gerechtegkeet säi Liewen ze rëskéieren . . .

Bei all deer grousser Freed, de Krich gutt iwwerlieft ze hun, wor hien awer traureg a gedréckt, wéi hien d'Doudesannonce vu sénge Komerode gelies huet.. De Marcel Mathieu, den Edmond Thoma an nach vill aner. Dem Marcel séngem Wonsch, e puer Zeilen iwer ee vun de Beschten, den Emile TOMPERS ze schreiwen, maachen ech vun Häerze gär, no dem Marcel sénger Geschicht . . .

Eppes huet de Marcel och nach traureg gemaach, wéi hien nom Krich huet musse gesinn, datt grad déi sech op „d'héicht Päerd" gesat hun, déi sech am Krich wäit vum Schoss gehalen haten. Et wor esou einfach dono déck ze téinen, wéi alles eriwwer wor . . .

Ech loossen de Marcel weider erzielen . . .

Den 9. Juni 1946 hun ech mech mat ménger Fra Rosa bestued. Zesummen hu mär e Plang gemaach wéi ech méng Verspriechen aus dem Krich kënnt anhalen an all dene Leit MERCI soen, déi mär am Krich op irgendeng Manéier gehollef hun. De Marcel huet Wuert gehal a kee vergiess.

ROYAUME DE BELGIQUE

En exécution des prescriptions de l'Arrêté de Son Altesse Royale le Prince-Régent, N° 1859 du 16 Février 1946.

le Directeur de la 3ème Direction de la D.G.P.M.

a l'honneur de faire savoir à Monsieur

R E U T E R , Marcel, que la

**Médaille Commémorative de la Guerre 1940-1945**

lui est accordée, et que les insignes ci-après peuvent être apposés sur le ruban de cette distinction honorifique:

2 sabres croisés

A Bruxelles, le 17 septembre 1948.

Le Lieutenant-Colonel A.DE BAENE,
Directeur.

## De Besuch vun engem gudde Mënsch

Éier ech an de Maquis gaange sin, hat ech d'Adress vun der däitscher Krankeschwëster Luise, déi et esou gutt mat mär am Lazarett zu Maria-Laach (no bei Koblenz) gemengt hat, op eng sécher Plaz verstoppt. Wat ech nët gewosst hun, wor, datt si hiirt Medizinstudium fäerdeg hat an elo Dokter wor.

Mäin éischte Bréif hun ech hir geschriwen, esou bal de Postverkéier mat Däitschland erëm fonktionnéiert huet. Ech hun hir och gläich matgedeelt, datt ech desertéiert wor a bis zu der Liberatioun an enger belscher Widderstandsorganisatioun gekämpft hätt.

Esou wéi ech hir versprach hat, hun ech si bei mech heem invitéiert. Awer dat wor nët esou einfach. All däitsche Staatsbierger, deen déi Zäit an d'Ausland wollt resen huet mussen e Visa hun. A fir e Visa ze kréie wor een dréngende Grond unzegin. An dësem Fall wor och nach eng beglaubegt Ënnerschrëft vum Buurgermeeschter an d'Awëllegung vu ménger Fra fir esou e Besuch bäizeleën.

Ech hu mech nët gin an hun duerch e Schreiwes de geneën Zweck vun der Rees ugin an op Äntwert gewaart.

D'Saach huet sech an d'Längt gezun an eréischt am Joër 1952 konnt méng Fra an ech d'Madame Dr. Luise GEYER op der Gare begréissen. Wéi ech hir versprach hat, wor si e ganze Mount onsen Éieregaascht. Wëll mär déi Zäit zu Rodange gewunnt hun, hat ech hir en Zëmmer am Hotel Nau reservéiere gelooss a mär sin all Dag mat eiser jonger Dokterin duerch eist Land gefuer . . .

E ganze Mount laang woren dräi Mënsche glécklech. Méng Fra an ech, mär woren erliichtert a vun Häerze frou, datt ech mäi Wuert gehalen hun, dat ech am Joër 1943 gin hat, wéi ech an der Friemd a grousser Nout wor . . .

D'Madame Dr. Luise GEYER wor nët manner frou, fir dee léiwe Gest, déi gutt Wierder an de Merci fir hir Hëllef, déi si als „selbstverständlich" fond huet.

Mär hun eis réigelmässeg geschriwe bis ech e Bréif kritt hun, wou dra stung, datt si en holländeschen Dokter bestued hätt . . .

Wann en oprichtege Mënsch am eegne Land esou vill Ongerechtegketen a Béisheten erlieft huet, as hien nët méi glécklech doheem. Si huet sech mat hirem Mann an Indochina gemellt fir do am Krich fräiwëlleg éischt Hëllef ze lääschten . . .

E leschte Bréif as kom aus dem grousse frieme Land. D'Madame Dr. Luise GEYER an hire Mann wore bei engem Bombardement esou schwéier verwonnt gin, datt alle béid duerno gestuerwe sin . . .

Eng friem Persoun, ech huelen un, datt et eng Assistentin aus dem Spidol wor, huet am Numm vun eiser Dokterin geschriwen . . . ein letzter Gruss an Euch Beide . . . von ihrer Schwester Luise . . .

De Marcel wor ganz geréiert, wéi hie mär séng Erliefnësser erzielt huet. Hie wollt sech nët bretzen an och nët ugin wéi hie mär séng Diplômer a séng Auszeechnonge gewisen huet. Séng Ënnerlagen an Dokumenter huet hie mär gär geléint fir datt ech soll schreiwen wéi et deemools richteg wor. Awer eppes bedauert hien, datt d'Mériter vun all denen Dokteren a Krankenschwësteren, déi ënner Liewesgefor de Fräiheetskämpfer deemools gehollef hun, nët genug gewiirdegt gi sin . . .

# ROYAUME DE BELGIQUE

*Le Ministre de la Défense Nationale*
*a l'honneur de faire savoir*

*à* Monsieur R E U T E R, Marcel

*que par*

*Arrêté N°* 5384 *en date du* 17 septembre 1948

*de Son Altesse Royale le Prince Régent,*
*la Médaille de la Résistance lui est décernée.*